pétange
MOTIVATION COMMUNE

Här Christian WELTER
Gemengeconseiller

43, avenue de la Gare

L-4873 LAMADELAINE

Referenz :2022.50474.SECR

Péiteng, den 6. Abrëll 2022

Betreff: Är Fro vum 7. Mäerz 2022
(den Dossier gëtt beaarbecht vum Här Guy Wagner - Tel. : 50 12 51 –2013)

Här Christian Welter,

Per E-Mail vum 7. Mäerz hutt Dir dem Schäfferot folgend Fro gestallt :

Här Buergermeeschter, wäert Membere vum Schäfferot,

Den 21te Mee 2021 hat d'Inneministesch d'Circulaire n°3999 erausginn, an där si d'Gemengen ënnert Anerem invitéiert hat, fir op ëffentleche Gebaier Hygiènesproduite fir d'Menstruatioun gratis ze verdeelen.

An deem Zesummenhang an op Basis vum Artikel 25 vum Gemengegesetz wollt ech Iech froen, ob d'Gemeng dëser Invitatioun gefollegt ass an ob, Stand haut, all Gebaier mat Hygiènesproduiten equipéiert sinn? Falls nee, wéi eng Gebaier sinn nach net equipéiert a firwat net?

Mat Respekt,
Christian Welter
Gemengeconseiller

Hei dem Schäfferot seng Äntwert op är Fro :

Här Welter,

Déi meescht ëffentlech Gebaier, Schoulen, Maisons Relais a Sportshale vun eiser Gemeng bidden den Dammen elo schonn d'Méiglechkeeten hir Hygiènesproduiten an engem separate Behälter kënnen z'entsuergen.

De Schäfferot huet decidéiert fir momentan keng Hygiènesproduite fir d'Menstruatioun an eisen ëffentleche Gebaier gratis zur Verfügung ze stellen.

Mat frëndleche Gréiss,

De Gemengesekretär f.f., De Buergermeeschter,

Adresse postale: ADMINISTRATION COMMUNALE DE PÉTANGE
b.p. 23 · L-4701 Pétange
ouvert du lundi au vendredi de 8.30 à 11.30 et de 13.30 à 16.30 heures
mercredi nocturne jusqu'à 18.30 heures
Téléphone: 50 12 51-1000 Fax: 50 12 51-2000
Adresse e-mail: commune@petange.lu
Site Internet: www.petange.lu
N° TVA: LU 102 90 925 N° fiscal: 00005132118